03|2020

# REWA NEWS




GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

CIPA-SANEM.LU

## EDITORIAL
- Simone Asselborn-Bintz

## VIRWUERT
- Alain Willet

## RÉCKBLÉCK
- Merci

## AKTUELLES
- Projekt Lebensbuch
- Visitten am CIPA
- Jardin de Vie
- Vëlosbox
- Les gestes barrières

## AGENDA
- Text vum Här Lebboroni René

## VERSCHIDDENES
- Gedicht „En Dag am Altersheem“
- Buchvirstellung
- Et hunn eis verlooss
- Nei Mataarbechter



# IMPRESSUM

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA Résidence Op der Waassertrap |
| REDAKTIOUN: | Residenten, Tamara Abate<br>(Educatrice diplômée/Animatioun) |
| LAYOUT: | Tamara Abate |
| VERBESSERUNG: | Service des Relations publiques et de la Culture |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | Am CIPA Résidence Op der Waassertrap |
| ADRESS: | Résidence Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en Don<br>LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# EDITORIAL



Léif Residenten,

Et geet ee Joer op en Enn, dat mir alleguerten net esou séier vergiesse wäerten. D'Ausbreedung vum Coronavirus op der ganzer Welt huet och d'Liewen an eisem CIPA grondleeënd verännert. Vu dass virun allem eis eeler Matmënsche vulnerabel sinn, hu mir alles ënnerholl fir eis Bewunner beschtméiglech ze schützen. Dëst huet awer och leider matsechbruet, dass mir ë.a. streng Besuchsverbueter- a Regelen aféieren oder zum gréissten Deel eis flott Fester ofsoe missten. Wéi och eis traditionell Seniorefeier - ech bedaueren et, dass mir eis net perséinlech am *Artikuss* konnte gesinn.
Eis ass bewosst, dass dës Aschränkungen an déi domat verbonnen Isolatioun net einfach fir eis Seniore sinn. Ënnert dëse schwieregen Ëmstänn ware glécklecherweis awer och ëmmer rëm schéi Momenter, déi gewisen hu wéi wichteg sozial Kontakter, Solidaritéit an Zesummenhalt an der Gesellschaft sinn. Ech erënneren an deem Kontext z.B. un eng Aktioun, déi den Awunner am CIPA e Laachen op d'Gesiicht gezaubert huet. Mat den Tablets, déi d'Struktur Iech zur Verfügung gestallt huet, konnt Dir wärend dem Confinement via Skype a WhatsApp Kontakt mat Äre Léifsten halen. Oder och nach wéi d'Zolwer Knappbléiser am Haff zesummekomm waren, fir Iech en Ouschterständche virzedroen.
Op dëser Plaz geet dann och e grousse Merci un all d'Mataarbechter, déi säit Méint Aussergewéinleches am Haus leeschten an déi dozou bäigedroen hunn, dës Situatioun sou gutt ze meeschteren. Ënnert héchste sanitäre Sécherheetsmesurë wiisst d'Personal, zum Deel an 12-Stonne-Schichten, iwwert sech eraus, fir d'Awunner beschtméiglech ze protegéieren, ouni dobäi Mënschlechkeet a Matgefill vermëssen ze loossen.
Et stinn ouni Zweiwel méi speziell Feierdeeg elo virun der Dier an d'Familljefester wäerte wuel vill méi kleng wéi gewinnt ausfalen. An och wann déi nächst Wochen net einfach wäerte ginn, sou läit et mir besonnesch um Häerz Iech nach eemol dorunner z'erënneren, dass mir alleguerten en Deel vun der Léisung sinn. Kommt mir maachen dësen Effort elo zesummen a profitéieren am neie Joer vun dëser altruistescher Decisioun.
Ech wënschen Iech an Äre Léifste jiddefalls eng gutt Gesondheet, schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch.

Simone Asselborn-Bintz
Är Buergermeeschtesch

# VIRWUERT



Au terme d'une année compliquée, marquée par la pandémie COVID-19, nous souhaitons adresser nos plus sincères remerciements à tous les membres du personnel impliqués dans le travail auprès des résidents du CI-PA REWA.

L'année 2020 aurait dû être une année de pérennisation de nos acquis au niveau de la qualité de nos prestations.

Le caractère convivial des festivités de fin d'année sera différent cette année et marquera sûrement longtemps plus d'un d'entre nous.

L'espoir d'une année meilleure doit cependant dominer et nous sommes confiants que 2021 sera meilleure et nous permettra à tous de retrouver nos familles et proches.

Au nom du CIPA REWA, nous souhaitons à tous les résidents, clients et familles, ainsi qu'à tous les collaborateurs et amis, des moments de joie et de paix.

Portez-vous bien.

Pour le CIPA REWA
Alain Willet
Directeur

# MERCI

An dëser méi spezieller Zäit hu vill verschidde Kënschtler eise Bewunner an dem Personal eng Freed bereet an hu fir Ofwiesslung am  Alldag gesuergt.
Mir soe Merci fir déi flott Ënnerhalung.


















# PROJEKT LEBENSBUCH

Auf den ersten Seiten des Erinnerungsheftes werden Name des Bewohners, Kontakdaten der Angehörigen, benötigte Hilfsmittel, Allergien und vieles mehr eingetragen. Danach beginnt die Zeitreise in die Vergangenheit.

Zusammen mit dem Bewohner und dessen Angehörigen springen sie zurück an wichtige Orte der Kindheit, besuchen gedanklich liebe Verwandte, erleben noch einmal den beruflichen Werdegang, entdecken Aspekte zur persönlichen Lebenseinstellung und bevorzugte Gewohnheiten.

Von der Lieblingsmusik bis hin zu Lieblingsbeschäftigungen wird alles aufgeschrieben und es gerät nichts in Vergessenheit. Fotos machen das Buch lebendiger und unterstützen Erinnerungen zusätzlich.

Darüber hinaus ist dieses Buch dazu geeignet individuelle Aktivitäten mit dem Bewohner durchzuführen und selbst der theoretische Biographiebogen kann praktisch einfach umgesetzt werden.  Das gesamte Personal wird in naher Zukunft Zugriff auf dieses Buch haben und den Bewohner mit seiner individuellen Lebensgeschichte besser kennenlernen.





# VISITTEN AM CIPA

D’Visitten am CIPA si vu méindes bis sonndes vu 14.00 bis 18.00 Auer. Fir e Rendezvous auszemaachen, kënnen d’Familljen an der Receptioun ënnert folgender Nummer uruffen: **594940-1**.

D’Besuchszäiten sinn op 45 Minutte limitéiert an den Treffpunkt ass am Festsall. Dëst si Moossnaamen, déi den CIPA geholl huet, fir seng Bewunner ze schützen. Et si keng einfach Entscheedunge fir d’Direktioun. Et gëtt ëmmer gekuckt fir Léisungen ze fannen an dat am Interessi vun de Bewunner. Bei Ännerunge vun de Mesuren, ginn d'Famillje selbstverständlech informéiert.

Mir zielen an dëser Kris och op d’Kollaboratioun vun de Familljen, dass dei néideg Sëcherheetsmoossnamen a Visittenzäiten agehale ginn. Dorënner faalen d’Droe vun engem FFP2-Mask, Desinfizéiere vun den Hänn an och, dass den Ofstand agehale gëtt.

D’Bewunner an dat ganzt Personal gi reegelméisseg getest.

# JARDIN DE VIE

Depuis environ la mi-août, un jardin thérapeutique, plus joliment appelé Jardin de Vie, est accessible (avec encadrement) à nos résidents du CIPA.

Le service thérapeutique a prévu d'effectuer 2 séances par semaine de stimulations à travers ce parcours, et ce, dès que la météo le permet (tout au long de l'année).

Si la météo est trop mauvaise, les séances seront remplacées par notre habituel atelier d'équilibre au rez-de-chaussée.

Le parcours de marche du jardin de vie mesure +/- 130 mètres et permet un entraînement de l'équilibre dynamique, de la proprioception et de la stimulation sensorielle, grâce aux 6 différents modules de l'aménagement.

Une zone de détente/relaxation a été pensée, et sera opérationnelle au printemps prochain, avec des bancs autour d'une fontaine, de nouvelles plantations et sous une pergola, et sera accessible notamment par l'équipe Animation pour des groupes jusqu'à une douzaine de résidents.

Un Étudiant en Kinésithérapie  a choisi le CIPA pour effectuer son Travail de Fin d'Etudes, avec comme sujet : " Evaluation de l'effet d'un jardin thérapeutique sur le risque de chute et la qualité de vie chez la personne âgée en Maison de Retraite". Nous ne manquerons pas de publier les résultats de cette étude en juillet 2021.




# JARDIN DE VIE













# VËLOSBOX

Ee sécheren Ënnerdaach fir eis Vëloen an Trottinetten.

Säit kuerzem hu mer eng Vëlobox um Personalparking als Alternativ zum Auto stoen. D'Vëlosstatioun ass Dag an Nuet beliicht an ass mat Steckdousen equipéiert, sou dass d'Elektro-Vëloen an d'Elektro-Trottinette kënnen opluede ginn. Dës Box ka mam Personalbadge op- an zougespaart ginn. Et wier flott wa jidderee kéint oppassen, dass dës Dier ëmmer zou ass fir dass kee muss dono zu Fouss Heem goen.

Raphaël
Service Technique








# LES  GESTES BARRIERES

Même si le gouvernement a mis en place un déconfinement progressif, cela ne signifie pas qu'il n'y a plus de risque de contamination avec le virus. En effet, tant qu'il n'y a pas de traitement efficace ou de vaccin, il faudra apprendre à vivre avec le virus.

Pour retarder la propagation parmi la population générale et pour protéger les populations vulnérables, il est important de prendre un certain nombre de précautions, les gestes barrière,s complémentaires au port du masque.

Le port du masque est à considérer comme un geste barrière additionnel qui protège vous-même et votre entourage. Le port d'un masque ou de tout autre dispositif (écharpe, bandana, foulard, etc.) permettant de recouvrir le nez et la bouche est recommandé pour tout déplacement à l'extérieur et obligatoire:

- quand une distance interpersonnelle de 2m avec les personnes ne vivant pas sous le même toit que vous-même ne peut pas être respectée;
- dans les transports publics; dans des endroits qui accueillent un public.



# AGENDA

Léif Bewunner, léif Famillje vun der "Résidence op der Waassertrap"

Dëst Joer hu mir leider ee Gaascht op Besuch, deen alles op d'Kopp geheit. De Coronavirus huet ons ee Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Mir als oppent Haus hu missten op vill Saachen déi ons zu Häerzens louche verzichten. Sou goufe Fester ofgesot, Visitten am Haus reduzéiert! Dat am Sënn vun der Sécherheet a Gesondheet vun onse Bewunner.

Leider ass dës Kris nach net eriwwer a mir musse weider opmierksam bleiwen. Dofir hu mir als CIPA d'Entscheedung geholl all ons Fester fir den externe Public bis Enn vum Joer ofzesoen.

Fester solle gefeiert gi wéi se falen an dat soll och zu dësen Zäiten esou sinn.

Mir wäerte probéieren onsen Awunner ons traditionell Festivitéiten esou gutt wéi méiglech unzebidden, weider Concerte wäerten organiséiert ginn an dëst am Respekt vun de Corona-Moossnamen.

Dës Zäite wäerten och eriwwer goen a méi schéiner sti virun der Dier. Mir hoffen, dass mir esou schnell wéi méiglech onsen CIPA nees opmaachen, ons treffen an zesumme feiere kënnen, sou dass en nees ee „Lieu de vie"- „Lieu d'envie" gëtt.

René Lebboroni

Responsable département

Accueil&hébergement

# GEDICHT

## EN DAG AM ALTERSHEEM



Dat Wuert „Altersheem" huet esou en negative Klang a wien dee Schrëtt hei era muss maachen, deem gëtt et wierklech Bang. Hei gëtt een evaluéiert, gemooss, gewien an enregistréiert. Et ass ee bal vun deem ganze Pabeierkrom erféiert. An Zäit vun näischt läit däi Liewenslaf op engem Blat Pabeier.

An ausserdeem gëtt den Openthalt och nach richteg deier. Natierlech gi mir dofir gutt ëmsuergt, dat ass keng Fro. A mir si jo och enthuewen sou muncher Méi a Plo. Hei leeft alles no engem gutt duerchduechte Plang an dofir ass et eis och fir e gutt Fonctionnement net Bang. Moies gi mir gewäsch, gecrèmt, gepuddert a coifféiert. Jo et gëtt ee bal ganz bannebausse gekéiert. Ëm aacht Auer kréie mir schonn de Kaffi zerwéiert mat Allem drëm a drun ewéi dat sech gehéiert. Nom Kaffi da gëtt gespillt, gesongen, gebastelt, geturnt an op Wonsch souguer masséiert. Da fillt een sech esou richteg fit an duerchtrainéiert. Wann d'Mëttesklack laut da sëtze mir schonn erëm all um Dësch a mir kréien ugebueden eng gutt Zopp, Fleesch, Geméis oder Fësch. Nom Iessen dann e schéinen Dessert an eng gutt Taass Kaffi fir dat ganzt ofzerënnen an da fueren d'Leit lues a lues mam Lift no ënnen. Hei kann een op flaache Weeër schéi spadséiere goen oder sech op eng Partie Keele woen. Langweileg gëtt et bestëmmt kengem hei, dovun ass keng Ried. Ausser eise klenge Bobo'en hu mir hei och nach vill Spaass a Freed. Owes Punkt sechs Auer kënnt d'Rollatorgeschwader ugeréckt. An an engem Nu ass de kale Buffet dann zerpléckt. Duerno eng Näip an eng schéi gutt Nuecht gewënscht, no Rechts dat selwescht dann no lénks ewéi sech dat gehéiert. An da ginn d'Leit erop op hiert d'Zëmmer geféiert. Lues a lues gi ronderëm d'Luuchten aus a Rou a Fridde leet sech iwwert dat ganzt Haus. Am déiwe Schlof e schéinen Dram a séier sinn all Suerg a Péng entflunn. A muer geet en neien Dag am Altersheem erëm un.

Mme Lanners-Pleger Catherine

Bewunnerin aus dem CIPA REWA

# BUCHVIRSTELLUNG




## Er nannte mich Mile

300 Tage und Nächte in der Schattenwelt
Mit Bitterkeit und einem Funken Humor schaut Emilia, eine 93-jährige Luxemburgerin aus Schifflingen, auf das düsterste Jahr ihres langen Lebens zurück, das ihr Dasein von Grund auf verändert hat.
Zwischen Juni 1944 und April 1945 war die gebürtige Italienerin mit ihrer gesamten Familie in verschiedene Gefangenenlager der Nazis verschleppt worden, um dort Schwerstarbeit zu verrichten: 300 Tage und Nächte, in denen das Leben der Sippe auf den Kopf gestellt wurde, und aus denen sie mit einer schweren Behinderung entlassen wurde. 75 Jahre später ist sie bereit, der Nachwelt ihre Erfahrungen zu erzählen.
Ihre emotionale Geschichte beginnt kurz nach dem Ersten Weltkrieg in Italien mit der Heirat ihrer Eltern, Mathilde und César. Eindrucksvoll beschreibt sie, wie diese zwischen den Kriegen den Weg ins Großherzogtum fanden.
Die schlimmen Geschehnisse im Laufe des letzten Kriegsjahres haben es nur vorübergehend geschafft, ihre herzhafte Lebenslust zu dämmen, obwohl sie bis heute unter schmerzhaften Spätfolgen zu leiden hat. Ganz lässt sich die Vergangenheit nicht abschütteln, aber Millys unverwechselbares Lachen ist geblieben.



An dësem Roman erzielt d'Madamm Kohner, Bewunnerin aus dem CIPA REWA, hir Erliefnisser aus dem 2. Weltkrich. Si huet sech trotz deene schwéieren Erfarungen ni hire Liewensmutt an hir Liewensfreed huele gelooss.

# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| MME ALBINI-STEFANETTI GIUSEPPA | + 23/04/2020<br>AM ALTER VU 84 JOER |
| MME VERFAILLIE-BOELENS MARGUERITE | +05/06/2020<br>AM ALTER VU 94 JOER |
| MME GOERGEN-SAX MARIE | + 14/06/2020<br>AM ALTER VUN 88 JOER |
| MME SABUCCO-MANSUTTI ELDA | +15/06/2020<br>AM ALTER VUN 93 JOER |
| MR COURANGE FERNAND | +17/06/2020<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| MME TRAVAGLIATI LUCIA | + 22/08/2020<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| MME WEIS-DAIX GERMAINE | +19/09/2020<br>AM ALTER VUN 91 JOER |
| MME KOHNER-FRAPPINI EMILIA | + 12/10/2020<br>AM ALTER VU 94 JOER |
| MME PENNING-REINERS DAGMAR | +13/10/2020<br>AM ALTER VUN 79 JOER |
| MME GLAESENER-ZIMMER ODETTE | +15/11/2020<br>AM ALTER VU 86 JOER |
| MME FUSULIER-BAUSCHLEID YVONNE | +28/11/2020<br>AM ALTER VUN 91 JOER |
| MME BERNS-KERSCHEN ANNE-BERTHE | +10/12/2020<br>AM ALTER VUN 91 JOER |

# WËLLKOMM EISEN NEIE MATAARBECHTER
# BIENVENUE AUX NOUVEAUX COLLABORATEURS 2020

| Nom | Prénom | Date d'entrée | Service |
|---|---|---|---|
| PATRISSI | Mike | 01.07.2020 | Service restauration |
| KERIC-AKSIC | Marica | 20.07.2020 | Service ménage |
| PERIN | Céline | 01.08.2020 | Assistance&Soins BF1 |
| NILLES | Sabrina | 01.08.2020 | Service restauration |
| AMARAL S. | Ana Catarina | 01.08.2020 | Assistance&Soins BF2 |
| RAMOS | Catarina | 01.09.2020 | Assistance&Soins BF1 |
| BARIVIERA | Martine | 01.09.2020 | Accueil&hébergement |
| BOMBARDIER | Deborah | 01.09.2020 | Assistance&Soins BF1 |
| SCHILTZ– M. | Sandy | 05.09.2020 | Accueil&hébergement |
| FREDERES | André | 15.09.2020 | Accueil&hébergement |
| SORGO | Yvan | 01.10.2020 | Service restauration |
| RICHER-KREMER | Christiane | 12.10.2020 | Assistance&Soins BF1 |
| SERRANO | Vanessa | 01.11.2020 | Accueil&hébergement |
| ALVES QUEIROS | Jessica | 01.11.2020 | Service ménage |

© 2020
CIPA Résidence Op Der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1
www.cipa-sanem.lu